PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.

An engem Artikel an der New York Times vum 14ten August 2020 ass vun enger immens repressiver Approche vun der griichescher Flüchtlingspolitik ze liesen. Zeieberichter no goufen an de leschte Méint eng dausende Flüchtlinge vun de griicheschen Uerdnungskräften aus dem Land Richtung Tierkei zeréckbruecht an dat deelweis op oppenem Mier an iwwerfëlltene Booter. Schonn den Human Rights Watch hat de 16te Juli 2020 vu mënschenonwierdege Prozedure beriicht, déi d'Flüchtlingen a Griicheland iwwert sech ergoe loosse mussen: Zerstéierung vu perséinlechem Eegentum, wéineg bis keng Precautiounsmesurë fir d'Leit géint de Covid-19 ze schützen an d'Zwangsexpulsiounen, déi ganz a guer net am Aklang mam Asylrecht sinn. Bref, d'Mënscherechtssituatioun vun de Flüchtlingen a Griicheland, sou wéi se vun der onofhängeger Organisatioun beschriwwe gëtt, wierkt katastrophal an indigne. Dofir ass awer net nëmme Griicheland eleng responsabel, mee all d'EU-Staaten an och Lëtzebuerg.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass den Ausseminister um Courant vun esou schwéiere Mënscherechtsverletzungen a Griicheland a kann hien d'Veracitéit vun de Berichter bestätegen? Wéi eng weider Konsequenze wäert den Ausseminister zesumme mat der Regierung an deem Abléck zéien?

2. Sinn d'Praxissen, wéi Griicheland se no de Berichter duerchféiert, konform mam europäeschen Asylrecht a mat de Mënscherechter? Däerf ee Staat Asylbewerber (DPIen) einfach esou op oppenem Mier aussetzen?

3. Op EU-Niveau ass ëmmer erëm vun de Sécherung vun de Baussegrenze rieds, ma wéineg iwwert den Accueil an d'Wuelergoe vun de Flüchtlingen. Och d'Reform vum Asylrecht schéngt op Äis ze leien. Ass den Ausseminister der Meenung, dass Lëtzebuerg an dësen Zäiten Griicheland a senger Aufgab Flüchtlingen ze empfänke besser hëllefe muss, andeems méi Ressourcen aus eisem Budget fir d'Flüchtlingspolitik prett gemaach

ginn a kontrolléiert gëtt, datt d'Suen am Nachhinein och fir d'Flüchtlinge benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député